N°2888
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, Yuriko BACKES a vun der Ministesch fir Digitaliséierung, Stéphanie OBERTIN, op d'parlamentaresch Fro n°2888 vum 17. September 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froe wat den Traitement vun Donnéeë vu Passagéier*innen a Verkéiersdeelhueler*innen ubelaangt.

**Wéi eng Verwaltunge beim Staat këmmere sech ëm d'Gestioun vun der Datebank?**

Den « Observatoire digital de la mobilité » (OdM), eng Cellule am Service DGIII.1 « Planificaiton de la Mobilité » vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (MMTP), geréiert d'Inhalter vun der Datebank; den Zenter fir Informatiounstechnologië vum Staat (CTIE) verwalt a beherbergt d'Serveren op deenen se leeft. De Luxembourg National Data Service(LNDS) huet den technesche Support wärend der Entwécklung geleescht.

**Wéi eng net-staatlech Entwéckler an Organisatiounen hunn een Zougank zu der Datebank oder den Donnéeën an der Datebank?**

D'Dateplattform vum OdM ass e vollstännegen interne Projet vum CTIE an MMTP. Fir de Fall, dass direkten, externe Support noutwéndeg géiff ginn, existéiere parallel zur eigentlecher Dateplattform Test-Environementer. Si si komplett isoléiert vun de realen Daten, mä bidde soss genee déi selwecht Bedingunge wéi se herno an der Produktioun virkommen. Genau op sou engem Environnement huet den LNDS eng Virversioun vun der Platform (ouni real Daten dran) op d'Robustesse getest. Zu kengem Moment haten oder hunn extern, net-staatlech Entwéckler Accès op d'Platform oder hier Daten.

**Wéi eng Serveren ginn fir d'Datebank genotzt a wou befannen sech dës Serveren?**

D'Dateplattform vum OdM leeft vollstänneg an der « GovCloud », op securiséierte Serveren an de Rechenzentre vum CTIE, zu Lëtzebuerg.

Lëtzebuerg, de 16. Oktober 2025

D'Mininstesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s) Yuriko Backes